



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch an vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d' parlamentaresch Fro n°7136 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen

Sait dem ministeriellen Arrêté vum 6. Januar 2021 baséierend um Gesetz vum 1. August 2018 iwwert meldepflichteg Krankheeten, ass den Nationalen Gesondheitslaboratoire (*Laboratoire national de santé – LNS*) ee nationalen Referenzlaboratoire fir akut respiratoresch Infektiounen.

An deem Kontext kritt den LNS all positiv Covid-19 Échantillonen vun den aneren Laboratoire déi medizinesch Analysen maachen zougestallt. Den LNS krut säit dem Januar 2021 esou eng 69'851 Échantillonen iwwermëttelt¹.

Den eenzegen Optrag deem den LNS am Kader vum Referenzlaboratoire huet besteet doran e Sequençage vun de Viren op enger statistesch signifikanter Unzuel (d.h. nëmmen engem klengen Deel) vun den positiven Échantillonen ze maachen, fir domat den Typ vu Variant feststellen a Statistiken iwwert d' Zirkulatioun vun den Varianten zu Lëtzebuerg z'erstellen an dem Europäeschen Center fir de Contrôle an d'Préventioun vun Infektiounskrankheeten (European Centre for Disease Control and Prevention – ECDC) ze mellen.

Et sief ënnerstrach datt den LNS net den Optrag kritt huet eng diagnostesch « Géigenprouf » ze maachen an d' Aarbecht vun den aneren Laboratoire souzesoen domat ze kontrolléieren. Dëst ass eng falsch Informatioun déi leider nach ëmmer diffuséiert gëtt.

Wat déi sougenannten Statistiken betrëfft déi d' Biergerorganisatioun verbreet, muss e Folgendes soen :

- Et handelt sech heibäi ëm eng ganz geréng Zuel vun ongeféier 50 Tester, aus der een näischt extrapoléieren kann iwwert den Total vun bal 70'000 Échantillonen déi den LNS krut huet.
- Den Detectiounsseuil (d.h. d'Quantitéit vu Virus deem ee brauch fir en Test ze maachen) ass bei der diagnostescher PCR vill méi niddereg wéi beim Sequençage. Et brauch ee wéineg Virus fir eng Infektioun feststellen mat enger PCR, mee et brauch een vill Virus fir e Sequençage ze maachen. Dofir kënne béid Tester net mateneen verglach ginn.
- Well den LNS de Sequençage nëmmen op engem klengen Deel vun den Échantillonen mécht, ass et normal datt ee manner Resultater fir de Sequençage am LNS huet wéi fir d' diagnostesch PCR Tester an den aneren Laboratoiren.

Den Séquençage ass deemno keng Géigenprouf fir eng diagnostesch PCR ass sou datt déi vum honorabelen Deputéierten gestallten Froen ouni Objet sinn.

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2023

D'Gesondheitsministesch
(s.) Paulette LENERT

¹ Situatioun op Mëtt Oktober 2022